



tiounsflux. An de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel, ass scho prett.

7. 7107 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la République du Cabo Verde relatif à la gestion concertée du flux migratoire et au développement solidaire, fait à Luxembourg, le 13 octobre 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Jo, Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi geet et drëms, wéi gesot, en Accord tëschent Lëtzebuerg an dem Cap-Vert unzehuelen, deen am Oktober 2015 ënnerschriwwen gi war.

Dir wësst, dass déi bilateral Relatiounen tëschent dem Cap-Vert an onsem Land ganz enk sinn an dass de Cap-Vert och e laangjäregen a ganz fiabele Partner vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik ass.

Am Oktober d'lescht Joer hate mer och de Premierminister vum Cap-Vert hei bei eis an der Kommissioun, wou mer och e ganz interessanten Austausch hatten a mir hunn do net nëmmen iwwert déi ekonomesch Entwécklung vum Cap-Vert geschwat an hir Erwaardungen un den Handel mat Europa, mä och iwwert d'Situatioun vun der capverdianescher Communautéit hei zu Lëtzebuerg, déi iwwregens ganz gutt ass.

Ëm wat geet et also genau bei dësem Accord, iwwert dee mer haut ofstëmmen? Dësen Accord ass op Demande vum Cap-Vert hin ausgehandelt ginn an e soll déi legal Migratioun tëschent eisen zwee Länner vereinfachen. Dofir ginn, jee no Fall, Visaen ausgestellt, déi tëschent engem a fënnf Joer gültig sinn. Am Géigenzuch enthält den Accord och Bestëmmungen, fir déi illegal Immigration ze bekämpfen an d'Readmissioun ze vereinfachen an dëst am Respekt vun der Dignitéit an de fundamentale Rechte vun dëse Persounen, déi sech irregulär am Land geifen ophalen.

Dir erkennt un der Logik vun dësem Accord: „legal Migratioun vereinfachen an illegal Migratioun bekämpfen“, dass mer hei an der Kontinuitéit vun der europäescher Migratiounspolitik sinn.

An effektiv kann een dësen Accord och net lassgëlléist vun der europäescher Politik betruuechten. Erlaabt mer dofir, kuerz op déi europäesch Accorden, déi d'Relatiounen mam Cap-Vert en-cadréieren, anzegoen. D'Relatiounen tëschent dem Cap-Vert an der Europäescher Unioun baséieren haut virun allem op dem Accord de Cotonou aus dem Joer 2000, deen, wéi Der wësst, mat allen AKP-Länner ofgeschloss gouf. D'Haaptzil vun dësem Accord de Cotonou ass a bleift d'Bekämpfung vun der Aarmut an den AKP-Staten duerch eng progressiv ekonomesch Integratioun vun dëse Staten. Dobäi soll d'nohalteg Entwécklung vun dëse Staten am Vierdergrond stoen.

D'Relatiounen mam Cap-Vert ginn awer duerch zwee weider Accorden um europäeschen Niveau completéiert: Den „Partenariat spécial entre l'Union européenne et le Cabo Verde“ vun 2007 an den „Partenariat pour la mobilité“ vun 2008. An dëse Partenariater goufen op Wonsch vum Cap-Vert hin ausgehandelt.

De Cap-Vert wëllt iwwert déi bestoend Relatiounen kënnen erausgoen an nach méi enk mat der EU zesummeschaffen, sief dat, wéi gesot, um ekonomeschen oder um politesche Plang.

Am Kontext vun eise Projet de loi haut ass et virun allem de Partenariat pour la mobilité, deen ons interesséiert. D'gemeinsamt Zil vun der EU-afrikanescher Migratiounspolitik gouf säit der Konferenz tëschent der Europäescher Unioun an den afrikanesche Staten zu Tripolis am Joer 2006 ëmmer nees genannt. Déi gemeinsam Migratiounspolitik gesäit vir, dass déi irregulär Migratioun muss bekämpft ginn an dass d'EU sech dofir engagéiert, legal Méiglechkeete fir an d'EU eran ze schafen.

Dëst gouf och um véierten EU-Afrika-Sommet zu Brëssel am Joer 2014 nach eng Kéier bestätegt. An dofir goufen am Kader vun dësem Partenariat pour la mobilité mam Cap-Vert och zwou Saache festgehalen: Éischtens, dass d'Prozeduren, fir e Visa ze kréien, méi einfach sollte ginn. Dëst betrëfft d'Visae vu kuerzer Dauer, also vu maximal dräi Méint, an zwar souwuel fir d'Europäer am Cap-Vert wéi och fir

d'Capverdianer an Europa.

Bei dësem Visa handelt et sech ëm de ganz normale Schengen-Visa, deen och fir de gesamte Schengen-Raum gëllt. Et gouf also keen neie Visa geschafen, mä just d'Prozedur, fir e Visa ze kréien, gouf vereinfacht.

Zweetens gouf awer och en Accord de réadmission geschloss. De Cap-Vert verpflichtet sech doranner derzou, seng eege Statsbürger zrëckzehuelen, mä och Mënschen aus Drëttstater, déi iwwert de Cap-Vert illegal an d'Europäesch Unioun agereest sinn. A mat dësem bilateralen Accord tëschent Lëtzebuerg an dem Cap-Vert, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ginn dës europäesch Bestëmmungen also elo ëmgesat.

Den Accord enthält doriwwer eraus och Bestëmmungen, déi gezielt d'Entwécklung vum Cap-Vert sollen ënnerstëtzen, andeems hir Leit och hei bei ons zu Lëtzebuerg kënnen forméiert ginn. Esou sollen zum Beispill d'Studente vum Cap-Vert direkt no hirem Studium op der Uni Lëtzebuerg och kënnen heibleiwen, fir éischt Aarbechtserfahrungen ze sammelen. Dës Bestëmmungen hu mer iwwregens am Kader vu rezenten Annerungen am Immigrationgesetz och schonn agefouert.

Ausserdeem gëtt en Austauschprogramm geschafen, wou all Joer eng bestëmmten Unzuel jonk Leit aus béide Länner fir bis zu 18 Méint kënnen an dat anert Land schaffe goen. Dëst sinn elo nëmmen zwee Beispiller. Den Detail vun alleguerten de Mesurë vun deem ganzen Accord fannt Der a mengem schrëftleche Rapport erëm.

Dës Migrante ginn awer och aktiv derbäi ënnerstëtzt, duerno an hirem Land Fouss ze faassen an esou un der ekonomescher Entwécklung nees deelzehuelen a matzeschaffen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen nach séier zum formalen Deel: De Projet gouf de 17. Januar 2017 hei deposéiert. De Statsrot-avis koum den 9. Mee dëst Joer a mir hunn an der Sëtzung vum 12. Juni en long et en large iwwert de Projet diskutéiert, och mat de Beamtinnen a Beamte vum Ministère de l'Immigration, a mäi schrëftleche Rapport gouf dunn den 19. Juni an der Kommissioun vun alle Fraktiounen ugeholl.

Här President, ech ginn dervun aus, dass mer haut e gudden Accord wäerten unhuelen. Et ass en Accord, deen de Bierger vu béide Staten eppes bréngt. Si kënnen méi einfach tëschent béide State reesen. Si kënnen un Austauschprogrammer deelhuefen an am jeeweilegen anere Land schaffen an do ganz wäertvoll Erfahrunge fir hiert Liewe sammelen.

Domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Projet de loi. Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Angel. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Merci dem Rapporteur Marc Angel, deen, wéi mir dat vun him gewinnt sinn, op eng, wéi ëmmer, ganz kompetent, komplett an detailléiert Manéier dee ganze Projet examiniert huet, soudatt ech ganz, ganz kuerz ka sinn, andeem ech awer nach eng Kéier op déi Wichtegkeet vun deem Accord hiweisen: En Accord mam Cap-Vert, engem Land, mat deem mer, an ech mengen, dat huet de Rapporteur scho gesot, exzellent Bezéiungen hunn, d'ailleurs och parlamentarescher, soudatt ech doriwwer ganz frou sinn.

Ech sinn awer och nach aus engem anere Grond doriwwer frou: Mir schwätzen oft vu Simplification administrative. Ech mengen, hei ass e ganz konkrete Projet, wou et zu enger Simplification administrative fir trotzdem ganz vill Leit kënn. An duerfir begrësse mir dee Projet an ech ginn och dozou den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Mosar. Dann ass et un dem Här Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech mengen, eleng d'Tatsaach, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng grouss capverdianesch Communautéit hunn, beweist jo och déi gutt Relatioun, déi mer mat deem Land do fleegen. Ech wëll och drop hiweisen, dass de Kooperatiounsminister Schneider elo ganz kierzlech de véierte PIC mat deem Land ënnerschriwwen huet, wou mer eis engagéieren, bis d'Joer 2020 erëm eng ronn 46 Milliounen (veuillez lire: Euro) un Entwécklungshëllef ze leeschten. Dat um Niveau vun der Energie solaire, op där anerer Säit awer och um Niveau vun enger ronn 100 Schoulen, wou mer eis fir sanitär Equipementer wäerten engagéieren.

Op där anerer Säit ass scho richtegerweis hei bemierkt ginn, dass natierlech deen Accord hei awer och derzou bäidréit, dass de Cap-Vert am Fong eng besser Entwécklung ka kréien, andeems virun allem déi Studenten, déi elo hei en Ofschloss gemaach hunn, och nach kënnen zwee Joer hei bleiwen: dass se zwee Joer Stage maache kënnen, dass se zwee Joer éischt Erfahrungen am Berufsliewe maache kënnen. Ech géif soen, dass mer domadder eng wichteg Moosnam treffen, well si kënnen mat där Erfahrung dann och an hirem Land derzou bäidroen, dass d'Ekonomie do ouni Zweifel verbessert gëtt.

Vläicht nach eng lescht Remarque: Wat ech och ganz gutt an deem Accord hei fannen, dat ass, dass mer virun allem deene Jonken d'Méiglechkeet ginn, Austausch ze maachen, well et ass virun allem iwwert déi Jonk, wou ee kann Toleranz a Verständnis fir aner Kulture promouvéieren. An an deem Sënn kënnen mir als DP deen Accord hei nëmme guttheeschen.

Ech wëll awer och ofschléissend dem Marc Angel nach eng Kéier Merci soe fir seng jeeweileg Rapporten. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Graas. Als Nächsten huet den Här Adam d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Här President, vläicht och ënnert dem Androck vun eise zweite Punkt vum Ordre du jour vun haut, wou mer eis an enger Aktualitéitsstonn mam Welthandel auserneegesat hunn, wollt ech nach e bëssen op d'Käraspekter vun dësem Projet de loi agoen.

Am Exposé des motifs steet, dass dësen Accord am Kader vun engem Accord de partenariat vu Cotonou aus dem Joer 2000 tëschent der EU an den AKP-State steet. Den Accord vu Cotonou hat bestëmmt net gehalen, wat e versprach hat. Zum Beispill ass d'Zil vum Accord eng Reduzéierung vun der Aarmut bis hin zu der Ausrottung vun der Aarmut duerch eng schrëttweis Aféierung vun den AKP-Staten an d'Spillregele vun der Weltwirtschaft.

Zu den AKP-Staten zielen haut 79 Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik. Dozou gehéieren niewent dem Cap-Vert och nach zum Beispill de Mali, Burkina Faso, Haiti. Den Accord vu Cotonou huet ausdrécklech d'Ziler vun enger nohalteger Entwécklungspolitik mat an d'Handelsaccorden aflësse gelooss, zumindest um Pabeier.

Ech mengen net, dass mer mat iergendengem aneren AKP-Stat ee vergläichbart Ofkommen hu wéi dat, wat mer haut mam Cap-Vert ratifizéieren. Wann ech mech iren, da kann och gären ee mech do korrigéieren. Et ass och net vun ongeféier, dass mer ebe grad esou eng Relatioun mam Cap-Vert hunn, an et ass och interessant, wann ee Lëtzebuerg an de Cap-Vert e bëssen niewentenee stellt: Mir hunn zu Lëtzebuerg méttlerweil méi Awunner wéi de Cap-Vert, well eise Wuesstum méi héich ass: 2,5% - virun allem duerch d'Migratioun -, an de Cap-Vert wüsst all Joers ëm 1,2%, virun allem, well hir eege Populatioun méi séier wüsst, well si méi Kanner kréie wéi mir.

Am beandrockendsten ass awer den Ënnerschied vum PIB pro Awunner. Deen ass bei eis ronn 34-mol méi héich wéi deen am Cap-Vert. Dat erlaabt eis et dann och, eng Kooperatiounspartnerschaft mam Cap-Vert anzegoen. De Marc Angel huet och schonn dervu geschwat: Mir si méttlerweil beim véierte Programme indicatif de coopération. Dem Cap-Vert seng Entwécklung kann een duerchaus als positiv gesinn: D'Land erweist sech als stabill a kann och eng Rei wirtschaftlech Fortschritter opweisen, och wann et nach ëmmer zu deenen aarme Länner zielt.

De Projet de loi vun haut ass kee Projet aus der Kooperatioun, mä direkt aus dem Ausseministère an awer ware mer dës Erklärunge wichteg, déi ech elo grad hei ginn hunn. Den Accord betount, dass e sech op Géigesäitegkeet berëfft. All Measure gëllt souwuel fir déi eng wéi fir déi aner. Ech weess net, wivill Lëtzebuerger um Cap-Vert wunnen oder wëlle schaffe goen. Ech ginn awer dervun aus, dass plus minus 7.000 Leit aus dem Cap-Vert zu Lëtzebuerg wunnen an dass Lëtzebuerg och nach ëmmer een interessanten Aarbechtsmarché fir dat Land ass.

Mir begrëssen de Projet de loi 7107, well en eng Rei Saache méi einfach mécht: D'Zirkulatioun vun de Mënschen, awer och net vun alle Mënschen, mä vun de Fonctionnaires, de Geschäftsleit an den Universitäre, wéi och de Kadere vun ONGen.

An den Här Rapporteur, deem ech Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport, huet och gesot: „D'Konterpartie ass, dass mer mat dësem Rapport déi illegal Migratioun wëlle bekämpfen.“ D'Facilitéte fir

Studenten hu mer jo schonn, déi hu mer och rezent allgemeng vereinfacht. Dat gëllt also net just nëmme méi fir d'Studente vum Cap-Vert. A besonnesch gefält eis och d'Méiglechkeet vum Austausch vu jonke Leit, déi schaffe ginn oder sech beruflech wëlle weiderbilden. Hei géife mir eis wierklech wënschen, dass den Austausch och wierklech an déi zwou Richtunge géif goen, dat wier zum Avantage vun alle Jonken aus deenen zwee Länner.

Domat bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Adam. Als Nächsten hunn ech den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Villmools Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Härren, och e grouse Merci un den Här Angel, dat war wéi ëmmer e ganz komplette schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Beim Accord, dee mer haut hei diskutéieren, wëll ech elo net laang iwwert d'allgemeng Relatiounen mam Cap-Vert schwätzen, ech mengen, meng Virriedner hunn dat gemaach. Mir freeën eis iwwer eng Communautéit, déi mer hei hunn. Mir wëssen, dass et och e wichtige Partner an der Kooperatioun ass. Ech mengen, alles dat ass gesot. Dofir erlaabt mer, vläicht e puer Wuert iwwert den Accord ze soen, dee mer haut hei sollen diskutéieren an iwwert dee mer ofstëmmen.

Et ass en Accord, wann een e genau liest, wou awer eng ganz Rei Froen opbleiwen. A vläicht kréie mer d'Antworte vun der Regierung op eng Rei Froen, déi ee sech ka stellen, well a priori géif ech soen, dass mir eis enthalten, well awer eng Rei Onsécherheeten hei dra sinn.

Ech ginn lech just e puer Beispiller: Deen Accord bei de jeunes Professionnels betrëfft nëmmen déi Postes non déclarés vacants. An da stellt sech natierlech d'Fro, ob mer hei net liicht an eng Kontradiktioun erakomme mat enger anerer vertraglecher Obligatioun aus dem europäesche Bannemaart, nämlech der Préférence communautaire. Dat heescht, hei stellt sech also eng Fro tëschent der Kompatibilitéit vu vertraglechen Normen, déi mer agaange sinn.

Dat Zweet ass: Op zwou Plazen hu mer zwar als Parlament elo e Matsproocherecht, mä d'Regierung huet herno duerch en einfachen Échange de lettre d'Méiglechkeet, den Accord punktuell ze amendéieren. Dat gëllt souwuel fir déi Zuel vu Leit, déi bei de jeunes Professionnels betrëfft sinn, hei steet elo zéng pro Joer, mä d'Regierung kann dat zu egal wéi engem Zäitpunkt spéider änneren. Et gëllt och fir d'Lescht vun de Beruffer bei den Travailleurs salariés, déi betrëfft sinn. Op deenen zwee Punkten hu mer also eigentlech kee Matsproocherecht als Parlament.

Da geet och vun der Integratioun rieds vun deene Leit, déi solle kommen, dat begrësse mer. Déi ass allerdéngs néierens präziséiert. Et ass näischt vun de Sproche gesot, obschonn elo zum Beispill, wat fir eis eng wichteg Fro ass, déi professionell Capverdianer, déi wëllen heihinner kommen, och am Beräich vun der Justiz kënnen schaffen, och am Beräich vum Gesondheetswesen. An et sinn awer hei keng Sprochekonditiounen oder keng Exigence virgesinn. Dat ass ze bedauern, well Integratioun mécht sech an eisen Aen haaptsächlech och iwwert d'Sprooch.

Wat d'Readmissioun ugeet, do ass net gesot - well dat hei ass elo e Spezialgesetz, an deem Sënn kann ee kucken, wéi verhält et sech mat eisen allgemenge Regeln -, wéi eng Konsequenzen dat huet, wann e Capverdianer opgrond vun dëse gesetzlechen Dispositiounen a säi Land zrëckbruecht gëtt. An et sinn Evidenzen am Gesetz, déi net missten drastoen, well se selbstverständlech sinn. Zum Beispill, dass eng Réckféierung am Respekt vun der Dignitéit vun de Leit gemaach gëtt.

Kann dann een heibanne sech virstellen, dass mir hei am Land geifen eng Réckféierung maachen, ouni op d'Dignitéit vun deene Betreffene Rücksicht ze huelen? Mir kënnen dat op jidde Fall net. Dass mer esou eppes an e Gesetz eraschreien, ass en Aveu fir eppes, wat mer net néideg hunn, well et esou eppes bei eis net gëtt.

Den Développement solidaire ass och eng Fro: Et gëtt gesot, mir solle finanziell Instrumenter promouvéieren, wéi Fongen an de Cap-Vert ze transferéieren. Dat ass eng Fuerderung, déi mir als ADR prinzipiell scho viru Joren erhuewen hunn, well dat och eng wichteg Moosnam am Kader vum Développement allgemeng ka sinn. Et steet awer elo net dran, u wéi eng Instrumenter geduecht gëtt. Ob dat och fir aner Länner soll gëllen? Wéi eng Moyenen dat kéinte sinn? Also, et ass eng Intention de principe, déi mer begrëssen, awer och do ass se net ausgefouert.



Dat sinn eng Rei oppe Froen, déi eng vertrag-lech Obligatioun hunn, déi Lëtzebuerg ka be-reieren, d'Rechter vum Parlament, alles dat ass net ganz kloer. Och déi zäitlech Limitatiounen bei den Travailleurs salariés sinn och net evident. An do muss ee soen, datt de Vertrag an eisen Aen op jidde Fall net präzisen genuch ausgehandelt ginn ass. Déi Limitatiounen op zweielef Méint oder op fénnef Joer, déi ugekë-negt gi sinn, déi den Här Angel och zu Recht ervirgehewen huet, bezéie sech haaptsäch-lech an der Lektür vum Vertrag op déi dräi éischt Paragraphen. De Lien vum Artikel 6 mat deene Referenzen ass net kloer hierstellen. Dat ass vläicht d'politesch Intention ge-wiescht, well dat ass jo och hei widerholl ginn an et ass och an der Präambel dann esou duer-gestallt ginn, mä de Vertragstext gëtt et net hier. An dat sinn Onkloerheeten, déi an deemem Vertrag sinn. Dofir begrëisse mer d'Intentioun en général, awer et ass e Vertrag, dee vill Froe stellt a vill Froen opléisst op juristischem Plang. An dofir wäerte mer eis enthalten.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Da wär et um Här Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President, ganz kuerz. Jo, mir wäerten och eisen Accord zu deemem Projet de loi ginn. Et kéint een à la limite vläicht e bësse bedauern, datt sech deen Echange haaptsächlech op d'Kadere reduziéiert, datt een dat méi oppen hätt kënnen maachen. Mä trotzdem gi mir awer an eng richteg Richtung. Dofir wäerte mer och dee Projet de loi matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. Da wär et um Här Er-zéiungminister, stellvertriedend fir den Här Ausseminister. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Jo, Merci, Här President. D'Regierung freet sech iwwert déi breet Zoustëmmung hei am Haus zu deemem Gesetzesprojet, och wa se dann net maximal breet ass. Ech denken awer, datt déi Froen, déi opgeworf goufen, domadder ze beäntwerte sinn, datt mer hei natierlech eppes ausgehandelt hunn an een dann natierlech och vun zwou Säite muss kucken, datt een do eens gëtt.

Mir hunn och hei eppes innerhalb vun engem Kader ausgehandelt, dee souwuel mat der EU wéi och mat anere Länner geschafe gouf, sou-datt ech déi Fro vun der Inkompatibilitéit vun eenzelne Begrëffer do eigentlech net ka ganz novollzéien. Well mer eis grad och hei mat der Europäescher Unioun op deen dote Wee ge-maach hunn, denken ech, datt déi Gefor do net besteet, datt mer eis op aner Begrëff-lechkeete géife baséieren.

Dem Haus hei e grouse Merci fir déi Aarbecht, déi Der gelescht hutt, fir datt mer dëst Gesetz am Interessi vun de Relatiounen vum Cap-Vert mat Lëtzebuerg kënnen ëmsetzen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Regierung. Mir kommen zur Ofstëm-mung iwwert de Projet de loi 7107.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7107 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer. 57-mol Jo, 3 Abstentionen. Domat ass de Projet 7107 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty,

Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissge Vott ze froen? Jo?

(Assentiment)

Gutt. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6883, enger Ofännerung vun eisem Code du travail. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Claude Lamberty, dee scho prett ass.

8. 6883 - Projet de loi portant modification du Code du travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kollee-gen, scho fir d'Lissabonner Agenda aus dem Joer 2000, wat aus der EU den dynameschste Wirtschaftsraum vun der Welt ze maachen als Zil ausgëtt, zielt d'Formation professionnelle continue zu engem vun de wichtigsten Ele-menter am Berufsliewen.

Dat kënnt net vun ongeféier: Eng Grundforma-tioun ass wuel d'Fundament an den Zougang zur Berufswelt. D'Zil vun der Formation profes-sionnelle continue ass et, d'Salariéen, ob jonk oder al, besser a permanent op en Aarbechts-marché ze preparéieren a se an deem Marché ze halen; en Aarbechtsmarché, dee sech an de leschte Joren a Jorzéngte staark verännert huet. An enger Welt, déi ännert, ännere sech och d'Berufsprofiler, d'Offeren, d'Demanden, jee, et muss een hautdesdaags als Salarié op Zack sinn an an engem gewëssene Mooss oppe sinn, fir Ales ze verdéiwen an Neies ze entdecken.

Eng gelonge Formation professionnelle con-tinue schaaft eng individuell Plus-value, ka so-zial Inegalitéiten ausgläichen a minimiséiert de Risiko, an de Chômage ze falen oder do dauer-haft ze bleiwen.

Zënter 1999 erlaabt eist Aarbechtsrecht et do-fir, den Entreprises, déi hei am Land etabléiert sinn, bei hire Plans de formation financéiert ën-nert d'Äerm ze gräifen. Den Institut national pour le développement de la formation profes-sionnelle continue oder kuerz INFPC ass dofir zu Lëtzebuerg zoustänneg.

Ier ech elo op déi eenzel Adaptatiounen ze schwätze kommen, wéilt ech awer nach e puer Zuelen nennen, déi am Fong de Kader fir dese Projet de loi setzen. D'Unzuel vun den Entrepri-sen, déi d'Formation professionnelle continue ubidden, déi also vun der aktueller Legislatioun profitéieren, geet konstant an d'Luucht. Dat stellt verschidden Erausforderungen a puncto Berodung, Encadrement a Surveillance vun dese Betriber a Formatiounen duer.

Een allgemengt Objektiv vun der Formation professionnelle continue ass et jo, d'Salariéen ze encouragéieren, u Formatiounen deelzehue-len. Dem INFPC no schreiwe sech d'Salariéen an der Moyenne fir 4,3 Formatiounen an, déi am Schnëtt 5,5 Stonnen daueren. D'Männer maachen där Statistik no liicht méi Forma-tiounen wéi d'Fraen an d'Dirigente respektiv d'Kadere maachen der och méi wéi d'Sala-riéen, ob elo qualifizéiert oder net qualifizéiert.

D'Salariéen iwwer 45 Joer leie mat 3,7 Forma-tiounen liicht ënnert dem Duerchschnëtt. A wann ee kéint op den éischte Bléck mengen, den Ac-cès zu Weiterbildungsmatiounen géife mat der Gréisst vun den Entreprisé wuessen, dann ass dat awer net ganz esou. Am Géigendeel: Wat d'Entreprise méi grouss ass, wat d'Dauer, a Stonne pro Mataarbechter gekuckt, vun dese Formatiounen an der Moyenne erofgeet. Kon-kret: Wuel ginn a groussen Entreprisé méi Formatiounen ugebueden, mä wat d'Dauer vun dese Formatiounen ubelaangt, bleiwen d'Leit manner laang an dese Formatiounen, wéi dat a klengen Entreprises de Fall ass. Als Beispill: Sta-tistesoch daueren a grouse Firmen - grouss heescht mat méi wéi 1.000 Mataarbechter - d'Formatiounen véier Stonnen, während a klenge Betriber mat manner wéi zéng Mataarbechter ronn 13 Stonnen a Formatioun pro Mataarbech-ter gestach ginn. Bis elo huet de Stat den Effort vun den Entreprises, an hir Leit ze investéieren, mat 20% u finanzieller Hëllef ënnerstëtzt, fir Sa-lariéen iwwer 45 Joer bis zu 35%.

Här President, d'Zil vun de Mesuren, op déi ech elo gläich ze schwätze kommen, ass et net, méi auszeginn, mä besser a méi cibléiert d'Ef-

forte vun den Entreprises ze ënnerstëtzen an am Sënn vun enger Simplification administra-tive ze agéieren. Ech ënnersträichen: Weder soll d'Prozedur erschwéiert ginn nach sollen d'Be-triber an iergendenger Form gehënnert oder gebremst gi bei der Formation professionnelle continue vun hire Salariéen.

Mä wat soll erreecht ginn? Dat ass, dass déi Suen, déi a Formatiounen gestach ginn, besser investéiert ginn. Am Wuert Qualitéit läit also e wichtige Schlëssel zum Erfolleg. A wéi ech et um Ufank scho gesot hunn: Et geet drëms, effi-kass ze schaffen, dass d'Leit, déi an der Aar-bechtswelt dra sinn, mat der Entwécklung Schrëtt kënnen halen, déi se brauchen an déi de Leit dann och am Endeffekt hir Plaz an der Aarbechtswelt net garantéiert, mä d'Chancen daitlech verbessert, fir am Betrib eng Zukunft ze hunn. Dëst ëmmer gekuckt par rapport zu der Entwécklung an der Demande, déi un de Salarié gestallt gëtt.

De Stat kann a soll sech et och net leeschten, d'Formation professionnelle continue vun En-treprises ze vernoléisegen. Et ass ëmmer bes-ser, am Virfeld eng Formatioun vun engem Sa-larié ze kosubventionéieren, wéi duerno op aner Mesurë mussen zrëckzegräifen. De Fran-sous géif heizou soen: «Mieux vaut prévenir que guérir.»

Zu den eenzelne Mesuren: D'Regierung gesäit éischters vir, déi staatlech Hëllef am Kader vum Kofinanzement ëm 5%, vun 20% op elo 15%, ze kierzen. D'Subventioun fir de Salarié iwwer 45 Joer bleift allerdéngs bestoe bei den haitege 35%. Et si jo grad déi Mënschen, deenen eng Formatioun am meeschten zeguttkënn. Dofir sollen d'Entreprises doranner och widerhi mat dem identeschen Taux ënnerstëtzt ginn.

Da gëtt et an Zukunft e Plafonement vun den Investissementen, deenen en fonction vun der Gréisst vun der Masse salariale ännert. Méi kon-kret heescht dat, bei ee bis néng Salariéen am Betrib ass de Plafong bei 10%. Tëschent zéng an 249 Salariéen ass de Plafong bei 3% an do-riwwer eraus, dat heescht, bei deene ganz groussen Entreprises ass de Plafong bei 2%.

De Kofinanzement vun der sougenannter For-mation d'adaptation au poste gëtt vun 173 Stonnen op 80 Stonnen erofgeschrauft a be-trëfft just nach déi onqualifizéiert Salariéen. Fir d'Ewechfale vun de Subventiounen vu verschid-den administrative Fraisen an didakteschem Material ofzefiederer, kréien d'Entreprises zudeem e Forfait vu 500 Euro pro Demande zur Säit gestallt, fir dëst ze couvréieren.

Ier ech elo zum Schluss kommen, soll nach eng Kéier ënnerstrach ginn, dass d'Betriber mat dese Mesuren net sollen ofgehele ginn, an d'Formation professionnelle continue vun hire Salariéen ze investéieren, mä dass soll ver-stärkt op d'Qualitéit vun de jeeweilege Wei-derbildung wäert geluecht ginn an dass d'En-treprisé méi geziilt Ennerstëtzung vusäite vum Stat kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt Iech e klengen Abléck an dese Projet de loi ginn. Fir weider Detailer wéilt ech gären op mäi schrëftleche Rapport verwei-sen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a géif gläichzäitig den Accord vu menger Fraktioun, vun der DP, abréngen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An éischt age-schriwwen Riednerin ass d'Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni Weiterbildung geet haut an eiser schnelliwege Zäit näischt méi. Formation continue ass e Must, fir sech den ëmmer erëm neien Ufuerde-rung vum Aarbechtsmaart unzepassen a fir iwwerhaupt seng Plaz am Aarbechtsmaart ze fannen, wann dat, wat ee geléiert huet, net on-bedéngt eppes mat där neier Schaff ze dinn huet. Deemno ass d'Formation continue ee ganz wichtegt Instrument fir d'Betriber, fir op der Héicht vun der Demande vun de Clienten ze bleiwen.

Dass Betriber vun der Formation continue pro-fitéieren an ëmmer méi Betriber dovunner pro-fitéieren, domadder natierlech och vum Kofi-nanzement vusäite vum Stat, ass dorobber zrëckzeféieren, dass den Aarbechtsmaart a konstanter Evolutioun ass an dass d'Zuel vun de Betriber och konstant zouhélt.

Elo gi mer mat deemem Gesetz hin a kierzen de Budget ëm d'Halschecht. Dëst Gesetz ass deemno eng reng Spuermesure. Déi éischt fi-nanziell Repercussione wäerte sech am Bud-get 2019 weisen. De Fait, dass grad d'Forma-

tion continue eng Spuermesure ass, ass an den Ae vun der CSV een total falscht Zeechen. Am Moment gëtt dës Regierung näamlech, ouni mat der Wimper ze zucken, immens vill Suen aus fir aner Gesetzter a Projeten a geet elo mat deemem Gesetz hin a spuert an eisen Aen op där falscher Plaz.

Ech si ganz d'accord, dass een Abusen, déi an der Vergaangenheet iwwert d'Formation con-tinue gemaach goufen, sollt evitéieren, mä duerfir muss een emol genee wëssen, wat da schifgelaf ass a wou een dës Abusen hätt kë-nen evitéieren.

Amplaz, Här Minister, hei de grouse Griffel erauszehuelen an esou onnuanciéiert ze spue-ren, hätt mir eis gewënscht, dass een am Vir-feld emol eng fundéiert Analys gemaach hätt vun der Qualitéit vun de Formatiounen, vun der Qualitéit vun de jeeweilege Formateuren, an dann doropshin d'Kritären definéiert hätt, déi de Kofinanzement vusäite vun der Re-gierung géife konditionéieren.

Wou a wéi, Här Minister, géift Dir zum Beispill wëllen intervenéieren, fir esou eng Quali-téitsgarantie an der Formation continue ze ge-sinn?

Et ginn eng sëllege Formatiounen, et gëtt och eng sëllege Labelen, mä wat ass de geneeë Wäert vun all dese Labelen? Wie vergëtt se? Wat seet d'Regierung derzou? Wéi eng wëllt Dir ënnerstëtzen a wéi eng net?

Wann een esou eng systematesch Analys ge-maach hätt, dann hätt een de Betriber kënnen konkret weisen, wou se sollen a puncto Forma-tioun investéieren a wou net.

Hei gëtt einfach pauschal de Montant gestrach an zwar ëm 50%, vun 48 Milliounen op 24 Milliounen.

Nach leschten Hierscht, fir genee ze sinn de 15. November, hu mer e Gesetz, de 7001, ge-stëmmt, woumadder d'Formation continue vum Léierpersonal eropgesat ginn ass, dëst als Invest an d'Schoulqualitéit. Deemno schéngt den Invest an d'Aarbechtsqualitéit Iech net esou wichteg ze sinn. A mir hätten eis driwwer gefreet, wann een eng Jointe gehat hätt tëschent der Educatioun an dem Travail, fir och emol ze héieren, wat den Aarbechtsminister zu deem Ganze seet.

Mir hätten eis och gewënscht, dass déi Stonnenzuel vun der Formatioun fir d'Adapta-tion au poste de travail net radikal vun 173 op 80 Stonnen erofgesat gi wier, mä dass au cas par cas gekuckt géif ginn, ob eng Approbatioun géif gemaach ginn an zwar op Basis vun engem Dossier, deen d'Demande géif justifiéieren.

Dës Formatioun vun der Adaptation au poste de travail ëm och méi wéi 50% ze kierzen, ouni tëschent Posten, Beruf oder Profill ze ënner-scheeden, erschéngt eis kontraproduktiv an alt nees e falscht Signal.

Mir haten dem Minister duerfir proposéiert, op dës drastesch Spuermesure ze verzichten, well se carrement op Käschte vun de Salariéen ouni Qualifikatioun geet. De Minister war leider net ëmzestëmmen an huet nach emol den Objectif principal vun deemem Gesetz ënnerstrach - esou steet et och am Rapport -, an zwar d'Fraise vum Kofinanzement bei der Aide à la formation am Betrib ze limitéieren. D'Zil ass also ganz kloer, Här Lamberty: Et geet drëms, manner Suen auszeginn!

Wéi gesot, et handelt sech heibäi ëm eng reng Spuermesure.

An deem Kontext bedauert och d'Chambre des Métiers zudéifst, dass d'Patronen elo müssen d'Käschten iwwerhuelen, fir Leit ouni Qualifika-tioun, Leit, déi an eisem Schoulsystem echouéiert sinn, fit ze maachen, an et an deem Moment am Fong geholl d'Patrone sinn, déi dann elo den Apprentissage initial musse finan-zéieren. Hätt een déi 173 Stonne bäibehalen, wier dat ee positivt Signal gewiescht fir d'Entre-prises an d'Ennerstëtzung vusäite vum Stat hätt gewisen, dass de Secteur vun de PMEen him wichteg ass.

Här President, mir bedauern dernieft, dass tëschent dem Moment vum Depôt an der Pre-sentatioun vun den Amendementer e ganz Joer vergaangen ass. Wéisou huet dat esou laang geschleeft, Här Minister?

Entreprisë brauche Begleedung, Entreprisë brauchen awer och Surveillance. A sécher, dat kascht Zäit an Opwand, mä et ass eng wesent-lech Contributioun vum Stat, fir d'Entreprisë staark ze maachen, fir se ze guidéieren, fir se fit ze maachen oder fit ze halen. An duerfir be-